



Seul le discours prononcé fait foi

Fête nationale 2018
Cérémonie officielle à la Philharmonie Luxembourg
Discours de S.A.R. le Grand-Duc

Här Chamberpräsident,
Här Staatsminister,
Exzellenzen,
Dir Damen an Dir Hären,

Op eisem Nationalfeierdag feiere mir eis Eenheet, eis Identitéit, an eist Zesummestoen.

Et gi vill Grënn, eis haut all zesammen ze freeën an houfreg ze sinn, op dat wat eist Land ass:

- Mir sinn eng Natioun déi respektéiert gëtt fir déi Roll, déi si an Europa an an der Welt spillt.
- Mir sinn eng multikulturell Natioun, an där Zesummeliewen a Zesummenschaffe scho bal exemplaresch ass.
- Mir sinn eng opgeschlossen, eng modern Gesellschaft, wou Jiddfereen seng Chancen huet, souwuel am politeschen ewéi am berufflechen oder soziale Liewen.
- Mir sinn eng tolerant Natioun, déi respektvoll mat all Mensch ëmgeet.
- Mir sinn eng friddlech Natioun, an där den extremen Discours kaum präsent ass an och praktesch keng Resonanz fënnt.
- Mir sinn och eng solidaresch Natioun, wou d'Solidaritéit net muss opgeruff ginn, mee just drop waart, fir sech kënnen auszedrécken.

All wichtege Moment an eisem Zesummeliewen – op traureg oder glécklech – ënnersträicht dat. Mir brauche just e Bléck ze werfen op déi spontan Hëllef an den Zesammenhalt déi sech bemierkbar gemaach hunn bei de rezenten Iwwerschwemmungen hei am Land. D'Grande-Duchesse an ech ware ganz beréiert vun der Solidaritéit an dem Respekt, déi d'Leit ee vis-à-vis vun dem anere gewisen hunn. Esou en État d'Esprit kann een net forcéieren. Deen ass einfach do.

Et ass mer also net Baang ëm d' Cohesioun vun eisem Vollek, esou villfältig et och ass. Zesummestoen heescht net, d'selwecht ze sinn oder déi selwecht Meenung ze hunn.

Eisen institutionelle System, dee vun der parlamentarescher Demokratie a vum „Etat de droit“, wéi och eis Gesellschaftsuerdnung berouen op engem subtilen Equiliber tëscht dem Eenzele sänge Rechter an de kollektive Valeuren, déi eis Natioun ausmaachen.

Ganz geschwë wäerte mir eng aner Stëmmung am Land spieren, wéi déi, déi mir haut erliewen. De Bols vun eiser parlamentarescher Demokratie wäerd an deenen nächste Méint méi heftig schloen, an d'Atmosphär am Land méi hektesch sinn.

Si méi tranchéiert Meenungen, méi Diskussiounen oder einfach politesch Divergenzen, déi eng Wahlcampagne ausmaachen, en Zeeche vu Spaltung an eiser Gesellschaft? Ech mengen dat net.

Den Ëmgang, den et hei zu Lëtzebuerg ee mat dem anere gëtt, ass de Garant vun enger Moderatioun am Toun, déi eis gutt zu Gesiicht steet.

De breeden Accord iwwert d'Fundamenter vun eisem Zesummeliewe steet och net zur Debatt. D'Sich nom Konsens ass e feste Bestanddeel vun eisem politesche Liewen, grad ewéi an eise soziale Bezéiungen.

An dorunner wäert sech och kaum Eppes änneren.

D'Wahlperiod sollt een als eng eenzegaarteg Opportunitéit gesinn. Dës Period huet hir Ritualer, wéi hiren Undeel u Spannung.

Et ass e feierleche Moment, dee vun der Erneuerung vum Kontrakt tëscht de Bierger an de Gewielten. Mee et ass besonnesch déi Zäit, wou mat méi grousser Intensitéit iwwer Zukunftsprojekten soll debattéiert ginn.

- Couragéiert Propositionen,
- Lieweg a fair Diskussiounen an Debatten
- Respektvollen a korrekten Ëmgang Ee mat dem Aneren...

Dëst sinn e puer vun den Elementer, déi de Wuerzele vun eiser Demokratie en neien Opdriff ginn an déi d'Wahlzäit zu engem wichtegen a richtege schéine Moment fir eist Land maachen.

Fir eis Matbierger, wéi fir déi politesch Acteuren, ass d'Verantwortung, déi hinnen zoufält extrem wichtig. Et si keng einfach Konditiounen ënnert deenen dës Responsabilitéit ausgeübt gëtt. Wéi ech schonn d'lescht Joer drop higewisen hunn, si mer an enger neier Epoch ukomm, an där eis aal Unhaltspunkte verschwannen. Déi traditionell Ideologien hunn deelweis hier Unzéiungskraaft verluer. Et gëtt fir si ëmmer méi schwéier, eng méi ongräifbar Welt z'erklären. D'Krisenzone verbreedet sech op eiser Welt a schaafen Onrouh.

Déi néi Kommunikatiounsgesellschaft bombardéiert eis mat Informatiounen déi net ëmmer richtig sinn.

Si verleet dozou, oft do mussen ze vereinfachen, wou mer méi Erklärung a méi Zäit bräichte fir komplizéiert Zesammenhäng besser ze verstoen.

Ech wëll och drop hiweisen, dass d'Medien eng zentral Roll an enger Wahlcampagne spillen, well si wesentlech zur Meenungsbildung vun de Wieler bäidroen: si assuréieren d'Circulatioun vun den Iddiën an de Propositionen, an hir Konfrontatioun an Diskussion.

Da kennt nach dobäi, datt verschidden Erausforderungen europäesch oder global Léisunge brauchen.

Den nationale Kader huet awer dofir net u Bedeitung verluer – ganz am Géigendeel. D'Entscheidung vum de Gewielten si prägend fir d'Weiderentwécklung vun eise Land. Ob Wirtschaftspolitik, Wuesstum, Transport, Landesplanung an Ëmwelt, Sozialschutz oder Educatioun, fir nëmmen déi Beispiller ze nennen, dat alles si Gebitter, wou wesentlech Arbitragen hei zu Lëtzebuerg gemaach ginn. Déi Entscheidung gehéieren eis selwer.

Léif Matbierger,

Den Oflaf vun de Gemengewalen huet d'Vitalitéit vun eiser Demokratie ënnerstrach.

Ech muss zouginn: wéi mir virun e puer Wochen zu Bierg déi neigewielte Buergermeeschteren empfaangen hunn, ware mir vill Gesichter onbekannt. Ech war doriwwer frou well et erfrëschend ass, esou vill Jonker, Fraen a Männer ze gesinn, déi elo politesch Responsabilitéit iwwerhuelen. Genee esou freet et mech, datt vill Lëtzebuerger mat auslännesche Wuerzelen eng gréisser Roll spillen.

Mat Wëllenskraaft a Kreativitéit an iwwer Generatiounen, huet eist Land et ëmmer nees fäerdeg bruecht, sech nei ze erfannen. Doduerch hu mer eisen eegene Wee gemaach. Ech wëll do un d'Wierk erënnere vum beléiften Historiker Gilbert Trausch, deen eis leider viru kuerzem verlooss huet. Hien huet mat vill Talent de Wee vun engem Staat beschriwwen dee praktesch duerch Zoufall zustane koum fir sech spéider zu enger innovativer an erfollegräicher Natioun z'entwéckelen, an Europa an an der Welt. Dat ass eng Satisfaktioun déi mer alleguer deele kënnen, an déi mer och no baussen droen.

Chaque année, la Fête nationale est l'occasion unique de se réjouir tous ensemble de ce parcours qui fonde notre identité et de se féliciter de cette « force intérieure » très largement partagée au sein de notre population qui nous permet d'aborder l'avenir avec optimisme.

Vive Lëtzebuerg an engem vereenten Europa !